piraten.lu

N°3232
Entrée le 24.11.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 25.11.2025
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 24/11/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Finanzen & Aarbecht weiderzeleeden.**

Laut rezente Medieberichter gëtt et eng wuessend Zuel vu franséische Grenzgänger, déi offiziell zu Lëtzebuerg ugestallt sinn, awer déi hir Aarbecht komplett a Frankräich ausféieren an ni de lëtzebuergesche Buedem betrieden. Dëst schéngt eng nei Form vum Detachementsmodell ze sinn, wou franséisch Aarbechter vun de Virdeeler vun der lëtzebuergescher Sozialversécherung profitéieren, ouni awer physesch hei am Land ze schaffen. D'franséisch Autoritéite schéngen dës Praxis ëmmer méi ze kontrolléieren, well se eventuell als eng Form vu Sozialversécherungsoptimisatioun oder Steierëmgeeung ugesi gëtt. Dëst kéint net nëmme juristesch Froe stellen, mee och Auswierkungen op d'bilateral Relatiounen tëscht Lëtzebuerg a Frankräich hunn, besonnesch am Kontext vun den Ofkommes iwwer d'Besteierung vu Grenzgänger.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Ass der Regierung dës Praxis bekannt a wéi vill Leit sinn aktuell an dësem spezifesche Modell zu Lëtzebuerg ugestallt ouni jeemools physesch hei ze schaffen?

2. Wéi eng legal Bewäertung mécht d'Regierung vun dëser Situatioun am Kontext vun den europäeschen an nationale Gesetzer zum Detachement an zur Sozialversécherung?

3. Gëtt et schonn Diskussiounen tëscht de lëtzebuergeschen a franséischen Autoritéiten zu dësem Thema, a wa jo, wat ass de Stand vun dësen Diskussiounen?

4. Plangt d'Regierung Moossnamen ze huelen, fir dës Praxis ze reguléieren oder anzeschränken, falls se als net konform mat de gëltege Gesetzer ugesi gëtt?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

piraten.lu
PIRATEN

5. Wéi eng potenziell Auswierkunge gesäit d'Regierung op d'Steieraccorde mat Frankräich, falls dës Praxis weider zouhëlt?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés